N°1422
Entrée le 26.11.2024
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Justice

**Äntwert vun der Justizministesch Elisabeth MARGUE op d'parlamentaresch Ufro 1422 vum honorabelen Deputéierte Sven CLEMENT iwwert d'ITM Kontrollen**

**Ad 1) bis 3)**

D'Ufro 1275 betrëfft de legale Kader, an dem d'ITM sech beweegt. An der Äntwert op d'Ufro 1275 gëtt dës d'Prozedur beschriwwen: *"Am Fall wou Infraktiounen constatéiert ginn, kennen d'Employeuren an d'Salariéen vun der ITM opgefuerdert ginn, sech innerhalb vun engem Délai vun op mannst 8 Déeg ze régulariséieren. Falls dat net geschitt, kann d'ITM hinnen eng Geldstrof verhänken an/oder am Fall vun Infraktiounen wou pénal Strofen firgesin sinn, dem Procureur d'État e Procès-verbal zoukommen loossen fir eventuell pénal Poursuitten*".

Mir sinn also hei nach net an der penaler Prozedur an hunn e System, deen d'Grondrechter vun der concernéierter Persoun schützt, wëll en hir d'Méiglechkeet gëtt, sech ze regulariséieren iert eng Denonciatioun beim Parquet gemaach gëtt, wat normalerweis net de Fall ass, wa potentiell Infraktioune constatéiert ginn.

Falls et net zu enger Regulariséierung kënnt an d'ITM dem Procureur d'État e Procès-verbal zoukomme léisst, an deen da strofrechtlech Poursuitten decidéiert, spillen ab deem Moment all d'prozedural Garantien aus dem Code de Procédure pénale, déi sech notamment op den Artikel 47 vun der EU-Grondrechtscharta an den Artikel 6 vun der Europäescher Mënscherechtskonventioun baséieren.

Lëtzebuerg, den 26. November 2024.

D' Justizministesch

(s.) Elisabeth Margue